



12 Haaptargumenter vun de Géigner vum Awunnerwahlrecht mat Äntwerten vu JO Awunnerwahlrecht

1. - Wielen sollen déi Leit, déi sech fir d'Lëtzebuenger Nationalitéit entscheed hunn an domat weisen, dass se sech mat eiser Sprooch, eiser Geschicht, eiser Identitéit an eisen Traditionen identifizéieren an doduerch eng emotional Bindung zu eisem Land hunn.

Äntwert: Viele goen ass en Akt vu gesellschaftlechtem Engagement. Firwat solle mir verlaangen, dass ee muss d'lëtzebuenger Nationalitéit ufroen, just fir bei de Chamberwahlen ze wielen? Eis auslännesch Matbierger, déi hei Sozialbeitrэг a Steiere bezuelen a wesentlech zum Wuelstand vun eisem Land bäidroen, hu jo schonn eng Nationalitéit. 87% vun hinne sinn esouguer EU-Bierger genau ewéi d'Lëtzebuenger och a weider 6% kommen aus aneren europäesche Länner. An all eis Awunner, egal wou se hierkommen, hu schonn bei de Gemengewahlen di voll politesch Rechter, d'aktiivt an d'passiivt Wahlrecht, ënner der eenzeger Konditioun dass si säit 5 Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Also huet Viele goen an Nationalitéit zu Lëtzebuerg net méi zwéngend eppes mateneen ze dinn!

D'lëtzebuenger Identitéit ass net statesch an entwéckelt sech duerch de Kontakt an den Austausch tëschent Leit vun ënnerschiddlecher Hierkonft a Kultur ëmmer weider. Eis Identitéit gétt scho laang net méi nëmmen vun de Lëtzebuenger an hirer Sprooch geprэgt. Lëtzebuerg ass e pluralistescht, villsproocheg an tolerant Land. E Raum an deem sech vill Kulturen treffen, e Miniatur-Europa. Dat sinn och wesentlech Elementer vun eiser Identitéit a vun der Erfolgsstory „Lëtzebuerg“.

2. - Mam Auslännerwahlrecht ginn d'Lëtzebuenger hir Souveränitéit op. Den Artikel vun der Verfassung "la puissance souveraine réside dans la nation" misst nämlech gestrach ginn. Domat wier dat den Ufank vum Enn vun eiser Natioun. D'Lëtzebuenger hu vill Affer mussen bréngen fir hir national Souveränitéit ze behalen. Wat géifen eis Elteren an Grousselteren soen wann mir dat elo fräiwëlleg opginn?

Äntwert. D'Auslännerwahlrecht ass am Géigendeel den Ufank vun enger Weiderentwécklung vun der Natioun. Vun enger Natioun vun Eenheemeschen déi zur Ausgrenzung neigt zu enger pluralistescher Natioun déi all d'Awunner aschléisst. Duerch seng eenzegaarteg Situatioun kann a muss Lëtzebuerg de Paradigmewiessel op dësem Gebitt alauden an eng al Ongerechtegkeet vum Nationalstat besäitegen. Déi Ongerechtegkeet besteet doranner, dass an engem Nationalstat d'auslännesch Matbierger zwar dem nationale Gesetz ënnerleien, Steieren a Sozialbeitrэг musse bezuelen, matgezielt ginn wann et dréms geet d'Zuel vun den Deputéierte festzeleeën, awer bei de Parlamentswahlen hu si kee Stémmrecht. Lëtzebuerg kann hei emol eemol Virreider sinn!

3. - D'Auslännerwahlrecht féiert dozou dass eis Sprooch op politeschem Plang géif lues a lues verschwannen. Spéider wuel och an der fonction publique an an de Schoulen.

Äntwert: Eis Sprooch ass nach ni esou vill gebraucht ginn fir an alle Formen ze kommunikéieren ewéi haut an et hunn nach ni esouvill Auslänner hei gewunnt ewéi haut. An trotzdem gehéiert d'Villsproochegkeet zu eiser Identitéit. Eis Verfassung gétt et z.B. net op lëtzebuergesch. Eis Zeitunge sinn op däitsch, franséisch a portugisesch. An et gétt esouguer Online-Zeitungen op englesch.

Lëtzebuergesch ass eréischt säit 1984 d'national Sprooch. Bis dohin war Lëtzebuerg ëmmer en zweesproocheg Land (Franséisch an Däitsch) an d'Lëtzebuergesch hat de Statut vun engem Dialekt.

Haut hunn di 3 Sproochen de Statut vun "langue administrative et judiciaire". Franséisch ass d'Sprooch vun der Legislatioun. D.h. dass all Gesetzestexter déi an der Chamber zur Ofstëmmung kommen op franséisch sinn, quitt dass d'Debaten op Lëtzebuergesch gefouert ginn. Dat wäert sech och net änneren.

Et wier absurd fir Lëtzebuergesch als eenzeg offiziell Sprooch wëllen ze imposéieren. An trotzdem soll eis Sprooch ëmmer weider gefördert ginn. Et gi jo ganz vill Efforte gemaach fir Sproochecoursen unzëbidden, déi och ëmmer méi staark besicht ginn.

Et gëtt vill Quellen wou sech en interesséierten auslännesche Matbierger kann iwwert d'Politik hei am Land informéieren och wann en eis Sprooch net versteet (Medien, Konferenzen, Ronndëschgespréicher mat Simultaniwwersetzung, etc.). D'Parteien hu souwisou Interêt drun fir hir Wahlprogrammen a verschiddene Sproochen ze verfaassen well et jo och net wéineg Lëtzebuergesch gëtt di kee Lëtzebuergesch verstinn. D'Sproochbedingung fir Lëtzebuergesch ze ginn gëtt et eréischt säit 2008.

4. - D'Lëtzebuergesch am Ausland kréien och néirens d'Wahlrecht. An et ass falsch fir vun engem "Awunnerwahlrecht" ze schwätzen, well dann kéinten jo déi 34.000 Lëtzebuergesch, déi am Ausland wunnen, néirens méi welen goen.

Äntwert: Et gëtt keen anert demokratescht Land an der Welt wou bal 50% vun den Awunner Ausländer sinn. Dat heescht d'Wahlrecht fir auslännesche Awunner ass soss néierens eng Prioritéit. Si ass och an der EU keng mat insgesamt 7% Ausländer.

Mir müssen hei eisen eegene Wee goen. Et geet em demokratesch Gerechtegkeet a Representativitéit. Déi gëtt et net méi wann nëmmen nach eng Minoritéit vun der Bevëlkerung d'Wahlrecht huet an iwwer eng Majoritéit bestëmmt. An ausserdeem gëtt et scho Länner an aneren Deeler vun der Welt wou auslännesch Awunner d'Wahlrecht op allen Niveauen hunn (Bsp. Neuseeland, Chile, ...).

Mir benotzen d'Wuert "Awunnerwahlrecht" fir ze betounen, dass eis auslännesch Matbierger sollen ënner bestëmmte Konditiounen d'Wahlrecht kréien, net well se Ausländer sinn, mä well se Awunner vu Lëtzebuerg sinn. Also geet et em d'Wahlrecht fir auslännesch Awunner.

D'Lëtzebuergesch déi am Ausland wunnen behalen natierlech op Grond vun hire Staatsbiergerrechter d'Wahlrecht fir iwwer de Wee vun der Bréifwahl un de Chamberwahlen deelzuelen. D'Staatsbiergerrechter sti jo net zur Dispositioun.

5. - D'Chamber vertritt d'Natioun an d'Natioun dat sinn d'Lëtzebuergesch, egal wou se wunnen. D'Chamber vertritt net d'Ausländer. Déi hunn hir eegen Parlamenten.

Äntwert: An eiser Verfassung steet, dass d'Chamber d'Land vertritt („Art. 50. La Chambre des Députés représente le pays.“). An d'Land ass en Territoire op deem eng Vilfalt vu Fraen a Männer leeft, Leit vu vill verschiddenen Originnen, déi hei schaffen, Steieren a Sozialbeitrëg bezuelen, hir Kanner grousszéien. D'Chamber vertritt also no eiser Constitutioun d'ganz Populatioun, déi sech haut zesummesetzt aus 54% Lëtzebuergesch a 46% Net-Lëtzebuergesch. Just d'Net-Lëtzebuergesch hu kee Stëmrecht.

D'Géigner vum Awunnerwahlrecht schéngen vun enger almoudescher Interpretatioun vum Wuert „Natioun“ auszegoen, déi definitiv net op Lëtzebuerg zoutrëfft. Nämlech dass d'Natioun e Vollek ass vun enger eenzeger Origine. Fir de Begrëff „Natioun“ gëtt et keng juristesche Definitioun. Mir müssen en op eis Manéier interpretéieren, am Aklang mat eiser Realitéit. An déi ass: 65% vun de Lëtzebuergesch hunn e Migratiounshannergrond a 46% vun der aktueller Populatioun sinn agewandert Ausländer. A mir ënnerleien alleguer den nationale Gesetzter, déi d'Chamber stëmmt, a virun deene mir alleguer gläich sinn!

6. - D'Ausländer ënnerstinn zum Deel deenen Gesetzer aus deem Land wou si och de Pass hunn an net de Lëtzebuenger Gesetzer. Bei engem Ausländerwahlrecht géifen si hei ofstëmmen iwwer Gesetzer déi awer nëmmen d'Lëtzebuenger betreffen.

Äntwert: Jiddereen den zu Lëtzebuerg wunnt muss sech un eis Gesetzer halen a wa mir an engem anere Land wunnen musse mir eis un d'Gesetzer vun dem Land halen. D'Gesetzer déi eist Parlament beschléisst gëlle fir all Awunner vu Lëtzebuerg, mat Ausnahm vu ganz spezifesch Gesetzer déi nëmmen d'Staatsbierger oder nëmmen d'auslännesch Matbierger betreffen.

Een dee wíele geet setzt net an der Chamber a stemmt Gesetzer. Fir ee Gesetz duerch ze kréien brauch een 31 Deputéiert. A fir 31 Deputéiert an d'Chamber ze wíelen brauch ee méi ewéi 120.000 Wíeler. An déi missten dann nach all di selwecht Partei wíelen. E Parlament besteet bekanntlech aus Majoritéit an Opposition.

6 bis – Jo mä et muss ee méi wäit kucken. Wat ass a 25 oder 30 Joer? Wat ass wann d'Ausländer eng Kéier d'Majoritéit vun de Wíeler duerstellen?

Wann een de Lëtzebuenger vun haut hir Geschicht analyséiert stellt ee fest, dass 65% vun hinnen e Migratiounshannergrond hunn. Am Moment ginn em di 3.500 Leit déi zu Lëtzebuerg wunnen pro Joer naturaliséiert. Derbäi kommen nach téscht 500 a 700 Kanner déi dann automatesch Lëtzebuenger ginn. Et kann een also dervun ausgoen, dass e groussen Deel vun den auslännesche Matbierger vun haut a 25 Joer Lëtzebuenger wärte sinn. Vu dass d'Wahlrecht wäert un eng Rei Konditioune gebonne sinn, déi d'Zuel vun de Wíeler wärt aschränken a vu dass d'Naturalisatioune kontinuéierlech weiderginn ass et net virstellbar, dass enges Daags d'auslännesch Matbierger géifen d'Majoritéit vun de Wíeler duerstellen.

7. - Mir müssen haut un alles denken well eng Verfassung ass eppes dauerhaftes. Eng Verfassung soll all Eventualitéite berücksichtegen.

Eng Verfassung muss regelméisseg un d'Realitäten ugepasst ginn. D'Verfassung ass net absolut an onverännerlech. Z.B. an deene leschten 20 Joer sinn Ännerunge gemaach ginn 1996, 1998, 1999, 2000, 2003, 2004, 2005, 2006, 2007, 2008 an 2009.

8. - Wíelen sollen déi Leit déi sech och laangfristeg fir d'Zukunft vun Lëtzebuerg interesséieren an net just fir e puer Joer hei sinn an dann erëm zeréck an hir Heemecht ginn.

Äntwert: Hei gétt bewosst ofgelenkt vun der Referendumsfro Nr. 2 esou wéi se gestalt ass:

„Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt d'auslännesch Matbierger d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wíelerléschten anzeschreiwen, fir als Wíeler bei Chamberwahle matzemaachen, an dat ënnert der besonnescher duebeler Bedéngung, datt si op d'mannst während zéng Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn a virdru scho bei Gemengen- oder Europawahlen zu Lëtzebuerg matgemaach hunn?“

Et handelt sech hei also em Leit déi scho säit 10 Joer hei gewunnt hunn an déi schon eemol u Wahlen deelgeholl hunn. Also em Matbierger déi scho gewisen hunn, dass si sech fir Lëtzebuerg interesséieren. No enger Estimatioun opgrond vun den Donnéeën vun der leschter Volkszählung (2011) wunnen 61% vun den Ausländer iwwer 18 Joer säit méi ewéi 10 Joer hei am Land an esouguer 37,5% méi ewéi 20 Joer. Vill vun dese Leit zéien hir Kanner hei grouss, hunn also en Zukunftsprojet hei.

Wa mir des Leit, ouni déi Lëtzebuerg sech net ka weiderentwéckelen, abezéien an hinnen och fir d'Parlamentswahlen demokratesch Matsproocherecht ginn (bei de Gemengewahlen hu si et schon no 5 Joer Residenz) anstatt se auszeschléissen, kréien si vläicht Loscht drop méi spéit och d'Nationalitéit unzefroen. Dee Moment kënnen si och als Kandidat/in mat an d'Wahle goen.

9. - D'Zesummeliwen zwëschent Lëtzebuenger an Ausländer ass problemlos. D'Ausländer hunn ni en Wahlrecht fir déi lëtzebuergesch Nationalwahlen gefrot. Elo besteet de Risiko, dass eis Gesellschaft gespléckt gëtt: op der enger Säit déi lëtzebuergesch Wieler an op der anerer Säit déi auslännesch Wieler.

Äntwert: An enger rezenter Etude vun der Uni Lëtzebuerg hu wäit iwwer 70% vun den Net-Lëtzebuenger gesot, dass si gären d'Wahlrecht bei de Chamberwahlen hätten. Des Donnéeën gi confirméiert vun anere Sondagen an Etuden.

En Awunnerwahlrecht wier eng éischt Etapp fir d'Net-Lëtzebuenger méi staark u Lëtzebuerg ze bannen a si besser ze integréieren. Mir brauche si an hir Kanner souwiso an der Zukunft. Wa mir si als gläichwäerteg Memberen vun der lëtzebuergescher Gesellschaft unerkennen, hëllef mir hinnen fir e Gefill vu Loyalitéit zu eisem Land ze entwéckelen. Wa mir si ausschléissen erreeche mir just de Géigendeel. D'Gesellschaft gëtt gespléckt wann d'Halschent vun den Awunner sech demokratesch net vertruede fillt. Dat féiert iergendwann zu Spannungen.

An d'Gesellschaft géif definitiv gespléckt ginn, wann dat wat Nee2015 fälschlecherweis an hirem Argument iwwert d'Chamber seet, de Fall wier. Nämlech, dass d'Chamber nëmme géif d'Lëtzebuenger verrieden. Eis Verfassung schützt eis virun esou enger Demarche. No Artikel 50 ass et kloer, dass d'Chamber d'ganz Land vertritt, d'ganz Populatioun. An dass d'Deputéierten nëmme d'allgemeng Interessien vum Grand-Duché am Bléckfeld duerfen hunn. Elo brauche mer just nach all deene Leit, déi d'Chamber der Verfassung no vertritt, ënner bestëmmte Konditiounen d'Recht ze ginn un der Chamberwahl deelzehuelen.

10. - Bei engem Ausländerwahlrecht stellt sech d'Fro firwat d'Ausländer en WahlRECHT kréien awer fir d'Lëtzebuenger dann weiderhin soll eng WahlPFLICHT bestoen?

Äntwert: Wahlflicht besteet zu Lëtzebuerg fir déi Leit déi op de Wielerlëschten agedroe sinn. D'Lëtzebuenger ginn automatesch op Grond vun der Nationalitéit agedroen. D'auslännesch Matbierger missten sech fir t'éischt androen an duerno géif fir si d'Wahlflicht genau esou gëllen ewéi fir d'Lëtzebuenger och. Dat ass administrativ net anescht ze handhaben. An dat ass och elo schonn de Fall bei de Gemengewahlen a bei den Europawahlen.

11. - Am Fall vun engem Ausländerwahlrecht hätten d'Ausländer manner Motivatioun fir Lëtzebuenger ze ginn an sech op deem Wee vollstänneg an déi Lëtzebuenger Gesellschaft ze integréieren.

Äntwert: Et ass just de Contraire. Wann di auslännesch Awunner bis duerfe viele goen, fillen si sech unerkannt a gläich behandelt. Dat gëtt Loscht fir nach méi wäit ze goen. Wann een sech als zweetklassege Bierger spiert ass et méi schwéier e Gefill vun Zougehéieregkeet zu dem Land ze entwéckelen an dem ee schafft, lieft a mathélleft Räichtum ze schafen.

12. - Gëtt et hei en Demokratiedefizit? NEE, jidderee kann wielen, an zwar an deem Land wou en och säin PASS krit. Dat wat zielt ass nach ëmmer WAT een ass, an net WOU een wunnt. Dofir weist en Fransous deen zu Lëtzebuerg wunnt jo och säi franséische Pass wann en de Fliger hëlt.

Äntwert: Hei geet et net drëms wat en auslännesche Staatsbierger deen zu Lëtzebuerg lieft, schafft an zum Wuelstand bäidrëit am Land wou en hier kënn kann oder net ka maachen an et geet och net em e Pass, e Fliger etc. Et geet em d'demokratesch Legitimitéit vun eisem Parlament, em demokratesch Representativitéit. A jo, Lëtzebuerg huet e staarken Demokratiedefizit!

Zu Lëtzebuerg ass säit der Aféierung vum "suffrage universel" (allgemengt Wahlrecht) 1919 a bis 1984 d'Zuel vun den Deputéierten a Funktioun vun der Zuel vun den Awunner festgeluecht ginn. Hei sinn natierlech d'auslännesch Matbierger matgezielt ginn. 1988 ass dunn d'Zuel vun den Deputéierten op 60 festgeluecht ginn.

D'auslännesch Matbierger sinn also matgezielt ginn fir d'Zuel vun den Deputéierten ze fixéieren, si bezuele Steieren a Sozialbeiträg, si ginn och theoretesch vun der Chamber representéiert (Art. 50 "La Chambre des députés représente le pays", an et ka jo elo wierklech keen dee bei Verstand ass behaupten, d'net-lëtzebuergesch Awunner géifen net hei am Land wunnen bzw. net zum Land gehéieren), mä si hu bei de Chamberwahle kee Stëmmrecht. D.h. dat si a Wierklechkeet net vertrauede sinn. Si ënnerleien awer den nationale Gesetzer.

Et ass néierens festgeschriwwen, dass de Suffrage universel sech nëmmen op erwuesse Staatsbierger muss bezéien. D'allgemengt Wahlrecht kann erweidert ginn op Jonker déi nach net groussjäreg sinn an/oder op auslännesch Matbierger. Vu dass mir zu Lëtzebuerg esou een héije Prozentsaz vun auslännesche Matbierger hunn, 46%, Tendenz steigend, kann ee soen, dass Lëtzebuerg schonn haut e grave Problem vun demokratescher Representativitéit huet! An duerems geet et bei der 2. Referendumsfro de 7. Juni. Et geet net ewéi d'Nationalismusromantiker gären hätten em d'Fro vun der Natioun. Dat ass en aneren Debat.

13. – A kengem europäesche Land dierfen d'Ausländer wile goen. Firwat musse mir déi éischt sinn, fir dat Experiment ze maachen?

Äntwert: Falsch! A Groussbritannien hunn all Residenten aus de Commonwealth-Länner an aus der Republik Irland d'Wahlrecht op allen Niveaue, och fir d'Parlament. A Groussbritannien dierfen also Leit mat 54 verschiddene Päss fir d'Parlament wile goen a sech esouguer als Kandidat/in opstellen. Zu dësem Grupp vu Staate gehéieren z.B. Indien, Malaysien, Pakistan, Kanada, Australien, 18 verschidden afrikanesch Länner, awer och 2 Memberstaten vun der Europäescher Unioun, nämlech Malta an Zypern. Also hunn d'Staatsbierger aus dräi EU-Staaten (Irland, Malta, Zypern) haut och schonn d'Wahlrecht a Groussbritannien. An der Republik Irland hunn d'Staatsbierger vu Groussbritannien och d'Wahlrecht fir di lokal a fir d'Parlamentswahlen.

Ausserhalb vun Europa gétt et och schonn an e Puer Länner d'Wahlrecht fir auslännesch Residenten ënner Bedingungen (Chile, Malawi, Neuseeland). Neuseeland huet 1975 d'aktiivt Wahlrecht fir "Permanent Residents" agefouert.

An dat ass jo och wat zu Lëtzebuerg geplangt ass: d'aktiivt Wahlrecht gekoppelt un eng Rei Bedingungen. Et ass net geplangt, ewéi Nee2015 ëmmer fälschlecherweis suggeréiert, dass d'auslännesch Matbierger sollen och kënne Kandidat/in bei de Chamberwahle sinn. Et gétt absolut keen zwéngende Grond fir dat ze maachen, ewéi d'Beispill vun Neuseeland beweist. Dat si just Spekulationen fir de Leit Angscht ze maachen. An duerfir stellt sech och hannendrun di Fro guer net a wéi enger Sprooch an der Chamber debattéiert gétt. Dat ass a bleift Lëtzebuergesch.

Ofschléissend: Lëtzebuerg ass net dat eenzegt Land, wou de Sujet vum Wahlrecht fir di auslännesch Residenten leeft. A Spunien an a Portugal gétt säit Joeren doriwwer debattéiert. Mä Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land an der EU wou de Sujet eng grouss Prioritéit ass, well mir haut schonn 46% auslännesch Matbierger hunn, déi vum demokratesche Prozess um nationale Niveau ausgeschloss sinn.